



Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5567 vum 25. Januar 2022 vum honorabelen Députéierten Fernand Kartheiser

Ad 1.)

Béi der Kontroll déi den 24. Januar zu Gréiwemaacher duerchgefouert gouff handelt et sech net ëm eng Kontroll op Basis vum Artikel 5 vum Policegesetz.

An dësem spezifesche Fall huet et sech ëm eng Usammlung vu 30 - 35 Leit gehandelt déi engem änlechen Opruff op de soziale Medien nokomm sinn wéi et der schonn e puer a noer Vergaangenheet goufen. Well et bei sou Opriff schonn zur Ausféierung vun Infraktiounen komm ass, hunn d'Beamte vun der Police am legale Kader vum Artikel 45 vum Code de Procédure pénal gehandelt.

Ofschléissend sief nach erwäant, dass op Grond vum Artikel 15, Paragraph 1 vum Gesetz vum 19. Juni 2013 (*Loi du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques, au registre national des personnes physiques, à la carte d'identité, aux registres communaux des personnes physiques*) d'Carte d'Identité op all Demande vun der Police muss virgewise kënne ginn.

Lëtzebuerg, den 11. Februar 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX